N°6587
Entrée le 26.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6587 vum 1. August 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Mat senger parlamentarescher Ufro wëllt den Deputéiert Jeff Engelen sech iwwert den Tramshalt um Hamilius informéieren

Den Arrêt Hamilius ass déi mécht benotzen Statioun vum Tram nach virun der Gare Centrale. Mir hunn séit Dezember 2020 um Hamilius een liichten Accident mat engem Passant ze verzeechnen. Zousätzlech sinn och um Hamilius déi enregistréiert geféierlech Situatiounen méi niddreg wéi beispillsweis op der Gare.

D'Signalisatioun an d'Verkéiersreegelen inneruerts sinn eng Gemengenkompetenz an goufen dofir an enker Ofstëmmung mat der Stad Lëtzebuerg decidéiert. Och d'Féierung vun den Foussgänger ass eng Gemengenkompetenz.

Déi aktuell Léisung ass konform zu den Richtlinnen ausgefouert ginn. Et ginn am Moment keng Bestriewungen eppes ze änneren; d'Tunnelinfrastrukturen sinn mëttlerweil duerch d'Parkrampen vum Parking "Royal-Hamilius" beluecht an d'Foussgänger rëm un der Dagesluucht.

Eng Léisung mat Foussgängertunnelen oder Passerellen entspriechen net mengen Virstellungen vun engem modernen Stadbild an sinn net förderlech fir eng inklusiv an accessibel Stad.

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch